



17. Juli 2020

Un d'Familljemembere vun de Bewunner  
an den Alters- a Fleegeheemer

Madamm, Monsieur,

Léif Famill,

D'Neiinfektioune vum Covid-19 ginn nees an d'Luucht an déi zweet Well vun Infektioune bréngt mat sech, datt mer alleguer méi oppasse mussen, fir eis vulnerabel Matmënsche beschtméiglech ze schützen.

Et ass nach net un der Zäit, net méi opmierksam ze si par Rapport zu der Pandemie. Am Géigendeel: et ass eis Responsabilitéit op d'Gesondheet an d'Sécherheet vun deene Persounen opzepassen, déi eis no stinn. Wa mer also op Besuch gi bei eis Léifsten an en Alters- oder Fleegeheim, dann ass et immens wichteg all d'Gestes barrières anzehalen, grad ewéi d'Sécherheetsbestëmmungen, déi an de jeeweilige Strukturen, wou d'Leit liewen, gëllen. Och wann dës Mesuren eis beschwéierlech schéngen, musse mer se awer respektéieren.

Fir d'Direktere vun den Alters- a Fleegeheemer ass et wichteg, hier Awunner ze schützen virum Risiko vun enger Infektioun mam Covid-19, an hinnen trotzdeem agreabel a geselleg Liewenskonditiounen unzebidden. All Responsabele vun enger Wunnstruktur kann deemno déi Moosnamen ergräifen, déi néideg si par Rapport zu senger Bewunner a senger Infrastruktur, fir datt déi kollektiv Sécherheet garantéiert ka ginn, a parallel och déi individuell Fräiheet vun de Bewunner.

Mir wëllen all verhënneren, nei Moosname mussen ze ergräifen, esou wéi dat bei der éischer Infektiounswell de Fall war. Ech si sécher, datt mer zesummen de Virus a seng Verbreedung kënnen an de Grëff kréien, wa mer eis verantwortungsvoll verhalen a wa mer eis alleguer strikt un d'Sécherheetsbestëmmungen halen, déi d'Direkteren ausgeschafft hunn. Et geet em d'Gesondheet an ëm d'Sécherheet vun eise Léifsten a vun der Communautéit an där se liewen.

Merci fir Är Mataarbecht an Äert Versteesdemech.

Mat léiwe Gréiss,

Corinne Cahen  
Ministesch fir Famill an Integratioun